

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 29. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Produzente vu Schwéngfleesch si säit ronn engem Joer an enger déiwer Kris. Vill Produzente vu Schwéngfleesch spillen dohier mam Gedanken, fir opzehalen, well aktuell e Verkafspräis vu ronn 1,25 € pro Kilo verrechent gëtt. De Käschendeckungspräiss leit allerdéngs aktuell bei 1,98 fir de Kilo Schwéngfleesch. Déi jeeweileg Produzente vu Schwéngfleesch - sief dat an der Zuucht oder am Beräich vum Mäschten - sinn deemno mat existenzielle Problemer konfrontéiert a wëssen net méi, wéi et soll weidergoen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Huet d'Regierung Pläng fir am Kader vun där uewe beschriwwenener akuter Noutfallsituatioun de Produzente vu Schwéngfleesch finanziell ze hëllefen? Bestinn hei Pläng oder Iwwerleeungen? Wa jo, wéi gesinn dës Pläng aus a wéini kënnen d'Produzente vu Schwéngfleesch mat der Ëmsetzung vun deene Pläng oder Iwwerleeunge rechnen?
2. Am Joer 2002 hat Lëtzebuerg en Import vu Schwéngfleesch vu 5.780 Tonnen ze verzechnen, gläichzäiteg goufe 9554 Tonne Schwéngfleesch an eist Land importéiert. Wéi gestalte sech an deem Kontext d'Export- an Importzuele vum Schwéngfleesch fir d'Joren 2019 an 2020?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten